ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Juni 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

De kontroverséierten Telekommunikatiounsstandard 5G werft jo op gesondheetlechem, technologeschem a politesche Plang eng ganz Rëtsch Froen op. Duerfir wëll ech hei méi technesch Froen un den Här Minister stellen:

1. Wéi wäit ass d'Evaluatioun vu méigleche Fournisseure fir de Lëtzebuerger 5G-Reseau ?
2. Wéi e Material, vu wéi engem Fournisseur, huet dobäi am beschten ofgeschnidden?
3. Wéi vill méiglech Fournisseure vu 5G-Material kommen aus China?
4. Wéi vill vun de méigleche Fournisseure si vun den USA op eng schwaarz Lëscht gesat ginn, esou datt de Kaf vun hirem Material eventuell diplomatesch a wirtschaftlech Konsequenzen kéint hunn?
5. Wéi vill Material vun esou Fournisseuren ass aktuell zu Lëtzebuerg scho Bestanddeel vun de 5G-Installatiounen?
6. Wéi vill dovunner gëtt bei den Antennen agesat, a wéi vill an der 5G-Zentral?
7. Gëtt et eng interministeriell Ofstëmmung, déi de Risiko vun US-Sanktioune bei dësem Ekipement am Ae behält?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742